# Info - Blat

No 31
Dezember 2020

1933 – 2008
75 Joer Amicale



Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu
CCPL LU65 1111 0233 3353 0000


## Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.


Esoulues gi mir op d'Enn vun 2020 zou. E Joer wat markéiert huet. No de Virologen a Spezialisten aus der Santé ass e Vaccin a Sicht. Esou kéint 2021 méi normal verlafen. Mer hoffen, dat de Covid-19 Iech net getraff huet a wënschen Iech an ärer Famill e schéinen a besënnlechen Chrëschtdag a fir dat nächst Joer, dass Dir mat ärer Famill gesond bleift.

An der Schoul ass zanter dem 1. September eng Ännerung an der Direktioun.

- ✓ D'Madame Martine Berchem ass Directrice, si war bis zu dësem Datum Directrice-adjointe.
- ✓ Den Här Decker John ass Directeur-adjoint, hie war bis zu dësem Datum Attaché à la Direction.
- ✓ Attachés à la Direction sinn zanter dem 1. September d'Hären :
  Cornelius Steve
  Streff Yves
  Thill Pascal

De fréieren Direkter, den Här Theo Thill huet vum Conseil d'Administration de la Fondation Lycée Technique Privé Emile Metz folgend Nominatioun mat dësem Projet kritt :
« Monsieur Thill est nommé Directeur des projets d'éxtension LPEM a Dommeldange et a Differdange. »

Esou gutt deier neier Direktiounsequipe aus dem LPEM wéi och dem Här Theo Thill wënsche mir vill Erfolleg an hirer neier Aufgab.



Eng Traureg Nouvelle huet eis Ufanks November getraff. Eise Caissier de Nicolas Laux huet eis fir ëmmer verlooss. De Néckel ass 1958 als Elektrikerléierjong an den deemolegen Institut komm. No der Geselleprüfung 1961 goung hien op de Technikum, wou hien 1965 den Diplom als Ingenieur-Technicien en Electrotechnique krut. Nom obligatoreschen Arméisdingst, wou hien an der Transmissioun engagéiert war, huet hien bei der AEW (Atelier Électrique de Walferdange) geschafft. 1975 koum de Néckel zeréck an de Lycée Technique Privé Emile Metz wou hien bis zu senger Pensioun am Joer 2002 als Professeur d'Enseignement Technique Privé mat vill Kënnen a Wëssen senge Schüler dat néidegt Wëssen vermëttelt huet.

De Néckel war vun 2005 bis zu sengem Dout Caissier an der Amicale. Och hei huet hien mat grousser Genauegkeet d'Konten gefouert. De Néckel wäert eis feelen, mee vergiessen wäerte mir hien net. Senger Fra Jeanny, sengen 2 Jongen Marc a Luc mat hirer Famill drécke mir eist häerzlechst Bäileed aus.

Den Här Pierre Hoscheid huet eis am August verlooss. Dem Här Hoscheid soe mir Merci fir säin Engagement an der Amicale, an drécken der Famill eist häerzlechst Bäileed aus.



Examen

Bedengt durech d'Corona Kris war um Schluss vum Schouljoer 2019-2020 keen internen Examen am LPEM. Natiirlech war dunn och keng Diplomiwwerreechung zu Walfer. Trotzdem huet d'Amicale drop gehalen en élève méritant ze éieren.

Fir seng gutt Resultater krut den Gomes Rolo Xavier vun der Amicale eng Enveloppe.

Cotisatioun

Doduerch dat mir dëst Joer keng Aktivitéiten proposéiere konnten, huet de Comité decidéiert fir 2021 keng Cotisatioun ze froen. E finanzielle Geste ass awer ëmmer wëllkomm.

CCPL Amicale LTPEM IBAN LU65 1111 0233 3353 0000

Ab Januar 2021 get de Kont vun der Amicale bei der BIL zou gemach. Die lafend Frais'e sin einfach ze héich fir di puer Operatiounen ze rechtfertegen. Mir bieden ëm Ärt Verständnis.




*An dësem Sënn wënsche mer Iech an Ärer Famill schéi Feierdeeg an gléklecht neit Joer*